LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Foire de printemps 2015

Cérémonie d'inauguration du 09 mai 2015

---

Discours prononcé par

Étienne SCHNEIDER

Vice-Premier ministre, ministre de l'Économie

**Seule la parole prononcée fait foi**

E M B A R G O :

09 mai 2015 - 10.00 h

Altesses royales,

Excellences,

Monsieur le Président,

Mesdames et Messieurs,

A chaque fois où je me suis exprimé à l'occasion de l'ouverture de la Foire sur l'environnement économique national et international, j'ai déclaré qu'il fallait rester prudent ou que la situation restait plutôt tendue.

Aujourd'hui, je n'ose pas encore annoncer la fin de la crise. Pourtant, de nombreux indicateurs me permettent une lecture résolument optimiste de la situation économique.

La reprise en Europe devient enfin palpable. Pierre Moscovici, le commissaire chargé des Affaires économiques et financières, a annoncé que la croissance dans l'Union européenne s'établira en 2015 à 1,8%, voire à 2,5% l'année prochaine.

Le déficit public s'améliore.

Le chômage est en baisse pour atteindre 9,6%.

Le taux d'inflation reste faible.

Pour la première fois depuis 2009 et malheureusement à part la Grèce, tous les Etats membres de l'Union européenne affichent désormais des indicateurs économiques au vert. Le risque de déflation s'éloigne.

Il est vrai que cette embellie se base sur des éléments conjoncturels fortuits, comme la baisse impressionnante du cours du pétrole qui a allégé la facture énergétique des entreprises et des ménages.

La chute vertigineuse du cours du baril de pétrole témoigne de la vitesse avec laquelle les conditions économiques changent.

Il y a également– et je souhaite lui rendre hommage ici - la politique monétaire avisée de la Banque Centrale Européenne. Monsieur Mario Draghi a courageusement recouru à la baisse des taux directeurs ou à des instruments non conventionnels permettant de réamorcer la pompe du crédit aux acteurs économiques.

En même temps, le taux de change de l'euro s'est déprécié par rapport au dollar, donnant ainsi un coup de fouet aux exportations européennes.

Il faudra profiter maintenant de cette reprise afin de remettre pour de bon l'économie européenne sur les rails.

Pour que cette reprise soit durable, il faut que la demande intérieure reparte à la hausse, car elle est aussi importante que la compétitivité extérieure de l'UE.

Un rôle crucial revient évidemment à l'investissement privé. Les entreprises doivent à nouveau engager davantage de fonds dans des projets à long terme pour que la reprise s'accélère et se pérennise.

Les Etats membres doivent renforcer leur effort budgétaire en faveur de l'investissement public, quitte à assouplir les règles budgétaires européennes.

Il ne faut pourtant pas sous-estimer les risques qui pèsent toujours sur la conjoncture européenne, en particulier les risques géopolitiques comme le conflit à la frontière entre la Russie et l'Ukraine ou encore le terrorisme au Proche-Orient.

Nous sommes bien conscients que le prix du baril de l'or noir ne va pas rester pendant une éternité à des niveaux historiquement bas. L'inflation qui est actuellement au plancher va également reprendre un jour ou l'autre.

Enfin, il y a toujours une menace d'un éclatement de la zone euro :

- la question de la sortie de la Grèce de la zone euro est toujours d'actualité. Je suis pourtant convaincu qu'on trouvera un moyen pour éviter le « Grexit »
- il faudra aussi surveiller de près l'évolution politique en Grande-Bretagne après la victoire des conservateurs et leur promesse d'organiser un referendum sur le « Brexit ».

Altesses royales,

Mesdames et Messieurs,

Se plaindre des déficits publics est devenu le mantra des politiciens en Europe. Je rappelle que le déficit public américain est deux fois plus élevé que celui de la zone euro.

Comparée au PIB, la dette publique de la zone euro est largement en-dessous de celle des Etats-Unis. La balance courante est excédentaire de 3,7% du PIB dans la zone euro, alors que les Etats-Unis ont un déficit de la balance courante supérieure à 2%.

Arrêtons donc de gémir sur notre sort !

Cessons de nous dénigrer nous-mêmes !

L'Europe regorge de ressources et de talents et dispose d'excellents atouts pour relever les défis du futur. Profitons de la reprise actuelle pour nous relancer définitivement et laissons la crise derrière nous !

Altesses royales,

Dir Damen an dir Hären,

Zanter datt ech Wirtschaftsminister sinn, war di ekonomësch Situatioun zu Lëtzebuerg nach ni besser ewéi haut : eis Wirtschaft ass ziôrt ëm 2,9% gewuess. 2015 an di Joren duerno rechne mer matt enger Croissance vu wäit iwwer 3%.

Lëtzebuerg ass also nach ëmmer ée vun de Klassenéischten!

Déi ekonomësch Performancen kommen allerdings och net vun ongeféier. Sie sinn eis net an de Schouss gefall! Si baséieren op der Wirtschaftspolitik di mer daat lécht Joerzéngt intensiv bedriwwen hunn.

Di Effort’en di am Kader vun deeër Politik gemaach goufen hunn eis Economie diversifizéiert. Dovunner liewe mir haut an dofir geet et eis vill besser ewéi muench anere Länner.

Lëtzebuerg huet sech also ëmmer selwer bëwégt andeems mer Kompetenzen a verschidde Créneau‘en geschaf hunn. Lëtzebuerg huet en zolidden an e breet opgestallte Finanzsektor. Dat progressiivt Ofschafe vum Bankgeheimnis a seng Konsequenzen op de „Private Banking“ hu mer gréisstendéels duerch nei Finanzproduit’en kompenséiert.

Lëtzebuerg huet vill an Infrastrukturen ewéi de séieren Internet investéiert. Villverspriechend Wirtschaftssecteuren hu mer prioritär ënnerstëtzt.

D’Logistik ass zum Beispill esou ee Secteur deen staark gewuess ass. „Entretemps“ schaffen do iwwer 13.000 Leit.

An der Tëscht sinn e puer honnert Entreprisen zu Lëtzebuerg am Beräich Eco-Technologie aktiv. Mir haten am Februar eng Roadmap presentéiert vir d’Economie circulaire hei zu Lëtzebuerg ze promovéieren. D’Echo’en di mäi Ministère doropshin vu ville Betriber krut, ware ganz positiv. Mir hunn och scho Gespréicher opgeholl vir eng Aktivitéitszon ze maan matt Entreprisen aus dem Beräich Économie circulaire.

Zu enger gelongener Diversifikatiounspolitik gehéieren nämlech di néideg Infrastrukturen di mer Betriber kënnen a mussen zur Verfügung stellen.

Mam “House of BioHealth” hu mer en Incubateur wou jonk Entreprisen an der Haaptsaach aus dem Beräich Gesonnthéts-Technologien Plaatz hunn fir sech nidder ze loossen a sech ze entwéckelen.

De Site vum Technoport zu Féitz ass vergréissert ginn. Mir sinn elo capabel vir innovativen, an technologesch extrem developpéierte Betriber op enger Surface vun 16.000 Metercarré en Doheem an en Encadrement an hirer Lancements-Phase ze bidden. De Gros vun de Start-Up’en di an dësem Incubateur wëllen ënnerdaach kommen sinn aus dem ICT-Sektör.

Trotz der Wirtschafts- a Finanzkriis huet sech deen Secteur am béchten entwéckelt. Bannent de léchte 7 Joër ass d’Zuel vun den Entreprise em bal e Véirel an d’Luucht gaangen. Sie beschäftegen haut am ganzen 18.000 Leit, dat entsprécht iwwer 5% vum ganzen “emploi salarié” zu Lëtzebuerg.

Dir gesitt also datt d’Diversifikatiounspolitik di léchte Joren fonctionnéiert huet. Den ICT-Beräich wiisst an der Tëscht esouguer esou séier, datt d’Betriber ganz serieux Problemer hu vir di néideg, qualifizéiert Leit ze fannen.

Mir mussen spezialiséiert Profiller an d’Ausland siche goen, awer an der Haaptsaach di Jonk heiheem motivéieren vir déi Fächer ze studéiren, déi an den nächste Joren weider massiv gebraucht gin, am ICT-Beräich, de Gesonnthéets- an de Biotechnologien, der Logistik, der Automobil-, an der Raumfahrtbranche.

Altesses royales,

Dir Damen an dir Hären,

Di multisektoriéll Diversifizéierung an de léchte Joren hat vill positiv Réperküssiounen op eis Economie. T’ass awer net vir ze raschten.

Elo ass de richtegen Ament vir ze kucken wat mir nach kënne besser maan a wou mer gegebenenfalls Saachen ajustéiere sollten.

Mir mussen och kucken wat eventuell nei Kompetenznische an Aktivitéitsfelder vir Lëtzebuerg kéinte sinn.

Op wéi eng weider Wirtschaftsbranche solle mer an Zukunft setze vir eise Sozialsystem of ze sécheren an eise Wuelstand z‘erhaalen?

„Gouverner c’est prévoir“.

Mir sollte laangfristeg kucken.

Elo wou d'Economie nees unzitt ass et de richtegen Ament vir sech eng iwwerschafften Zukunftsstrategie ze ginn vir a Richtung „Lëtzebuerg 3.0“ ze goen.

Kuerzfristeg mussen mir matt der Presidence vun der europäescher Unioun een aneren Defi ugoen! Dat ass e wichtege Rendez-Vous vir d'Politik, vir eis Economie, vir eist ganzt Land. Ganz Europa an e groussen Deel vun der Welt kucken di lécht 6 Méint vun dësem Joer op eis.

Mir mussen vun där Zäit profitéieren fir Lëtzebuerg no baussen nees méi positiv duer ze stellen, a vir nees un d'Stärkten an d'Atout'en vun eisem Land z'erönneren.

Esou eng positiv Duerstellung huet politesch, ma och kloer economesch Interêten : den „Image“ vun engem Land huet een substantiellen Impakt op den Succès vun der Wirtschaft an den Handel vun engem Land. Dofir ass vir eis den Nation Branding esou wichteg.

Di 2t Halschent vum Joer ginn apaart wichteg fir de Lëtzebuerger Commerce an d'HORESCA! Mir erwaarden am Kader vun der Présidence tëscht 25 an 30.000 Leit di op Lëtzebuerg kommen.

Besonnesch d'Hotellen dierften zefridden ginn: eleng d'EU Présidence bedeit vir si e Plus vu méi wéi 50.000 Iwwernuechtungen.

Wa mir eis gudd uléen kommen vill vun dëse Leit déi eist Land duerch d'Présidence kénne léiren, spéider eng Kéier mat hire Familjen als Tourist zréck op Lëtzebuerg.

D'Staatssekretärin Francine Closener ass am gaangen d'Strukturen vum Tourismussecteur ze professionaliséieren vir datt mer dat grousst Entwécklungspotentiaal, wat et do nach gëtt, optimal ausnotzen.

An de léchte Joren hu mer zu Lëtzebuerg déi ëffentlech Investissementer ganz héich gehalen, vir di economesch Reprise net nees direkt of ze wiergen. Matt ronn 4% vum PIB si mer do an Europa Spëtzereider.

Am Kader vum Commerce si mir matt der Reform vum Bail commercial op der léchter "ligne droite". Mam Avant-Projet gi mer virun der Summervakanz an de Regierungsroot.

Mam neien Text "ré-équilibréire" mir d'Réchter vum Propriétaire a vum Locataire.

Ech begréissen d’Initiative vum Handwierk vir nieft dem IFSB zwée weider Kompetenzzentren vir de Bau am Beräich „Parachèvement“ a „Génie technique“ ze schaafen.

Mir ënnerstëtzen déi Initiative vir eng beruffsbëgléedend Formatioun wou mer nëmme kënnen.

Matt hirer Campagne “Hands-up” huet d’Chambre des métiers jonk Leit vir d’Handwierksberuffer sensibiliséiert an interesséiert, e Secteur wou eleng ziôrt iwwer 2.000 Aarbechtsplaze geschaaf goufen.

“Hands-up”, déi Approche entsprécht och der Politik an der Astellung vun dëser Regierung, och wa se domatt reegelméisseg unéckt.

Leider ass et haut ville Leit net méi ginn vir sech vir Verännerungen op ze maan. Dobäi vergiesse mer, datt Lëtzebuerg haut ass wat ët ass, ebe jhüst well mir eis ëmmer

verännert hunn, well mir eis opgemaach hunn a well mir eis ëmmer erëm nei erfonnt hunn.

An ë puer Wochen ginn d'Lëtzebuerger gefrot op së ë puer Changementer wëllen akzeptéiren :

- wat hu mir ze verléieren wa mer auslännesch Matbierger di zu Lëtzebuerg jorelaang wunnen a schaffen politesch matt implizéieren vir d'Zukunft vum Land ze gestalten? Mir gin als Letzebuerger jo guer näischt op a mir hunn nëmme gudd Erfahrungen um Niveau vun de Gemengewahle gemaach. Mir sollten also e Schrack méi wäit goën an hinne och d'Méiglechkéet gin an de Parlamentswahlen mat ze décidéiren wéi eng Lëtzeboier d'Land sollen géréiren.

- virwaat fäerte mir vir jonk Leit um politeschen Décisiounsprozess ze bëdéleschen ? T'geet jo schliisslech ëm hir Zukunft! Et ass och eng Fro vum Vertrauen daat éen an

d'Jugend muss hunn. Mat 16 Joer kann een schaffe goen. Virwât also net och mat wiele goen?

- d'Politik an e Land brauch vun Zäit zu Zäit nei Käpp an besonneg nei Iddi'en. Eng regelmeisseg Erneierung vum politesche Personnal un der Spëtzt vum Staat kann enger Demokratie nëmme gudd doen.

Ech sinn iwwerzéecht, datt d'Lëtzebuerger beim Referendum de 7. Juni de richtege Choix maan.

3 Mol matt „jo" stëmmen ass e staarkt Signal fir en oppent , tolerant an demokratescht Lëtzebuerg.

Altesses royales,

Dir Dammen an dir Hären,

Ech konfirméiren waat de Premier de léchten Dönsdeg an der Chamber deklaréiert huet :

Mir sinn um richtege Wee!